QP N°2048

Monsieur Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

Luxembourg, le 14 avril 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Edukatiounsminister weiderzeleeden.

Zanter dem 16. Mäerz sinn d'Schoulen zou. De mënschleche Kontakt gëtt evitéiert, ma d'Léieren geet weider via den Home Schooling.

An dësem Kontext well ech folgend Froe stellen:

- Musse gesetzlech Upassunge gemaach fir dem „Home Schooling" di néideg legislativ Basis ze ginn?
- Wa jo, wéi eng?
- Wéini sollen des Upassunge gemaach gin?

Mat déiwem Respekt,

Martine Hansen

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2048 vun der honorabeler Madame Deputéiert Martine Hansen**

De Modell vum Enseignement en alternance (zanter dem 11. Mee 2020 am Enseignement secondaire an zanter dem 25. Mee 2020 am Enseignement fondamental), erfuerdert eng geréng Unzuel vun Upassungen. Fir den Enseignement secondaire ass eng entspriechend Dispositioun an de *Règlement grand-ducal du 31 juillet 1980 fixant le régime des vacances et congés scolaires* gesat ginn. Fir den Enseignement fondamental ass eng entspriechend Derogatioun zur *Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental* agefouert ginn. Duerch d'Bäisetze vun engem neien Artikel 39bis an dëse Gesetzestext gëtt ënnert anerem festgehalen, datt déi Schüler, déi zu der vulnerabeler Populatioun zielen an dëst och mat engem Attest vum Dokter beleeën, weiderhin vum Enseignement à distance profitéieren.

Och wärend der Period vum Confinement ënnerleien d'Kanner an déi Jugendlech der Obligation scolaire, sou wéi se an der *Loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire* festgeluecht ass. An deeër Zäit wou d'Schoulgebaier zou waren, koumen si dëser Pflicht no, an deem si um Enseignement à distance deel geholl hunn, dee vun der Schoul ugebuede gouf. Si hu missen un dësen Aktivitéiten deel huelen an déi gefuerdert Aufgaben maachen. Si waren net fräi, ausser wärend der Ouschtervakanz. Eng gesetzlech Upassung huet deemno net misse gemaach ginn.